

TECH WORLD - REPORTER.LU MELLT

Bei der mobiller Bezuel-App „Digicash“ ginn et Sécherheetslacunnen

RTL | Update: 18.10.2019 06:45 | [5 Commentaire\(n\)](#)

Dat schreift op d'mannst d'Online-Plattform Reporter a berifft sech op IT-Experten.

Drëttpersoune kënnen ganz einfach u Vir- a Familjennumm vu Leit kommen, déi Digicash notzen an déi Daten enger Handysnummer zouerdnen. Dat kéint ganz liicht vun Hacker ausgenutzt ginn an zu Mëssbrauch vu perséinlechen Date féieren.

Et wär eng hallef öffentlech Datebank, gëtt de „Chaos Computer Club Lëtzebuerg“ zitéiert. De Problem: gëtt een iergendeng Nummer an an déi Persoun huet d'Digicash-App gelueden, da kritt een den Numm vun der Telefonsnummer verrodnen. Sou Informatiounen kéinten och vun Onéierleche verkaf ginn.

Reporter huet och bei Digicash selwer nogefrot a krut gesot, dat wär genee esou gewollt. Et géif een et als Service verstoen, datt ee keng Suen un eng falsch Persoun iwwerweist.

D'Bezuel-APP schafft mat 5 Lëtzebuerger Banken zesummen. Als Client géif een iwwert d'Notze vun den Daten informéiert ginn.